



Izabela Golinska & Max Molitor nei Präsident:inne vun de Jonke Sozialist:innen

"Ech si mer sécher datt de Max an ech eng nei Dynamik bei de Jonke Sozialisten era bréngt. Et ass wichteg der sozialistescher Jugend eng staark Stëmm ze ginn: et geet an der Politik em eis Welt an där mir Muer liewen", sou di nei Presidentin Izabela Golinska (30 Joer) gëschter um Nationalkongress vun de Jonke Sozialist:innen. Zesumme mam Max Molitor (25 Joer) sinn si e Sonnden als nei Präsident:inne vun de JS gewielt ginn. Neie Generalsekretär ass de Maurice Schwarz (26 Joer).

"Zemools an engem Waljoer ass et wichteg dat di Jonk hir Plaz an der Politik hunn, fir net nëmme Gehéier ze kréien, mee och mat ze bestëmmen. Déi Plaz kréie mer net geschenkt, fir déi musse mer schaffen a kämpfen, an dat wäerte mer och maachen", beschreift de Max Molitor d'Prioritéite vun der JS.

"E gudden Fonctionnement tëscht der Exekutiv an dem Nationalbüro ass wichteg. Nëmme als Equipe kënnen mir dësen Challenge am Superwaljoer ugoen", esou den Maurice Schwarz.

Den Nationalbureau, genau esou ewéi d'Memberen vun der Kontrollkommissioun goufen unanime ugeholl (déi ganz Lëscht fannt dir weider ënnen).

Ausserdeem goufen d'Statuten och un d'Grënnung vun de JS-Bezierker ugepasst.



Memberen vum Nationalbureau:

1. GOLINSKA Izabela
2. MOLITOR Max
3. SCHWARZ Maurice
4. BAUSCH Ben
5. BRAZ Liz
6. CANO Olivier
7. COLLING Luca
8. DE SOUSA Ken
9. DELAUNOIS Margot
10. FEIPEL Jil
11. FERREIRA Dylan
12. GLESENER Philippe
13. HALSDORF Brian
14. JANDOUBI Anass
15. KINN Benjamin
16. KRYEZIU Gledis
17. MATOS Veronica
18. MORRISOVA Michaela
19. PAULUS Joé
20. SCHEER Daniel
21. VESALI Amir
22. WEYDERT Jana
23. WINCKEL Elisha

Memberen vun der Kontrollkommissioun:

1. BECKER Ralph
2. DAHM Sascha
3. MAQUET Sam